« Mir wäerten eis e Pleséier draus maachen, am Jorhonnertbuch vun der FOLA ausféierlech op d'Carrièrë vum Louis PILOT a vum Ady SCHMIT zréck ze kommen. Si sinn et derwäert !… »

Sou hat de pilo fonck säin Artikel 'Zwéin deeër Beschter !' an der Brochure vum Tournoi du Centenaire, Ouschteren 2006, ofgeschloss…
Den Organisatiounscomité vun 'CS Fola - 100 Joer Fussball zu Lëtzebuerg' ass frou, an dësem 'Livre d'Or' d'Erënnerungen iwwer déi zwéi renomméierst FOLA-Spiller vun allen Zäiten opliewen ze loossen, sou wéi de fréiere Radio- an Televisiounsjournalist, deen zënter 1995 Chronist am Télécran ass, si erlieft huet.

LOUIS PILOT

De Gréissten !…

Wat de Signataire vun dëser Retrospektiv net am geréngsten zéckt ze behaapten – dofir och d'Iwwerschrëft – wier dem Concernéierte selwer a senge beschte Profijoren ni agefall vu sech ze mengen, an et géif him och hautdësdaags, wou en offiziell vun der FLF – 2003 bei Geleeënheet vum Cinquantenaire vum europäesche Footballverband – als beschte Lëtzebuerger Spiller vun deene vergaangene fofzeg Joer proclaméiert gouf, net an de Kapp kommen, sech an der Ëffentlechkeet als Gréissten opzespillen.

Louis PILOT	
gebuer : 11.11.1940	
l.88 Meter – 81 Kilo	
FOLA :	**1953 – 1960**
Standard Lekk :	**1960 – 1972**
Antwerp :	**1972 – 1975**
Racing Jet :	**1975 – 1978**
**********	
Nationaléquipe :	**50 Sel.**
Beschte Lëtz. Sportler :	**1968 an 1969**
'Monsieur Football' :	**1966, 1970, 1971, 1972**

De Louis PILOT hat nämlech a senger laanger Carrière ni 'Cassius Clay-Allüren' an och haut, wou en nach dacks de jonken Talenter als Beispill vun engem bescht-reusséierte beruffleche Footballliewen zitéiert gëtt, hält hie sech léiwer reservéiert zréck wéi datt en am Mëttelponkt wéillt stoen. Déi, déi e schonn als jonke Kärel kannt hunn, haten deemools schonn d'Gefill, datt säi Charakter – éischter roueg, bescheiden, diskret – net der souveräner Allure vun deem flotten, groussgewuessenen Athlet (1.88 Meter) entsprach huet.

Football-verréckt vu Klengem un !

Wann et net a sengem Wiese louch, déck op ze trieden a sech no bausse profiléieren ze wëllen, dann huet dat wuel eppes mat der Erzéiung ze dinn, déi e vun doheem matkrut. Seng Eltere waren einfach Leit, déi him (a sengem Brudder Fränz, dee schéi Carrière bei der Arméi maache sollt an esouguer Responsable vum CISM, dem internationale Militärsport, sollt ginn) bäibruecht hunn, wat de Wäert vun der Aarbecht wier ; datt näischt vun näischt géif kommen, datt een haart schaffe misst, fir am Liewe virun ze kommen.

Ofgesi vun deene gesonde Prinzipien, déi hie spéider als professionnelle Sportler begleet hunn, muss de Louis PILOT iergenwéi predestinéiert gewiescht sinn, Footballer ze ginn. 't ass wouer, doheem war ee sportbegeeschtert : seng Mamm war a

jonke Joren Turnerin gewiescht a säi Papp (deen am Alter vu 16 Joer op Lëtzebuerg koum) war wéi all Italiéiner football-infizéiert. Déi 'Kränkt' gouf op de klenge Louis iwwerdroen. De Bouf ass am iwwerdroene Sënn mat engem Ball am Kapp a mat engem aneren zwëschen de Féiss opgewuess. Déi meeschten Zäit vum Dag huet e sech mat engem Ball amuséiert. Säin Terrain war vu Klengem un de Clairchènes Bësch. « Ee Gléck, datt mäi gudde Schoulmeeschter, den Här Reiter, vill Versteesdemes dofir hat », schmunzelt de Lou haut nach, wann en iwwer déi schéin al Zäit am Park schwätzt.

Kloer, datt hie mat sengem ugebuerene Kompetitiounscharakter schonn a jonke Joren eng Lizenz wollt hunn. Datt hien säin éischte Spillerschäin an der FOLA krut, mag iwwerraschen, well ee villméi ugeholl hätt, e Jong mat italiéineschen Originen hätt et éischter bei déi Escher 'Juventus' gezunn. Mee de Gaalgebierg hat him et ugedoen, an do louch eben den Emile Mayrisch Stadion, dee ganz séier seng nei Spillplaz gouf. « De Surma » – sou huet de Mann geheescht, dee sech ëm de Stadion gekëmmert huet – « konnt mech gutt brauchen. Wann ech komm sinn, krut ech ëmmer e Ball vun him fir ze spillen» weess de Lëtzebuerger 'Monsieur Football' haut nach z'appreciéieren…

De FOLAs Mann…

En hat nach keng 13 Joer (gebuer den 11.November 1940) wéi hie fir d'éischt an der Saison 1953/54 am rout/wäiss gestréiften Tricot gespillt huet. An der FOLA huet de Louis PILOT iwwregens och eréischt den Ady SCHMIT kenne geléiert, dee mir op de Säiten 143 bis 153 presentéieren. Dem Lou an dem Ady hiert Talent wier direkt am Ufank schonn engem Schielen opgefall. Hir Traineren, dorënner den 'Haxi' Zénon Bernard (de Grousspapp vum Daniel Bernard, deen haut am neie Stater Fusiounsveräin Racing FCUL spillt) haten hire gelleche Spaass mat deenen zwéi Borschten, deenen hir Carrière déi Joren dono praktesch paralell verlaf ass : Juniornationaléquipe (1957, 1958) Olympia-Ausscheedungen (1959-1960) Nationaléquipe (vun 1960 un). Si haten och an hirer FOLA, Mëtt der 50er Joren, eng Partie spilleresch Virbiller, un deene sech d'Bouwen 'upaken' konnten. Déi Zäit huet de Gaalgebierg nach mat der Grenz rivaliséiere kënnen. Zwee Joer noenee goufen Pitt Maas, Nicky a Jeng Fratoni, Wulles Peiffer, Willy Falchero, Guy Schmidt (déi alleguer Nationalspiller waren) Lëtzebuerger Vizemeeschter : 1954 hannert der…Jeunesse an 1955 hannert der Stade vun Diddeleng. D'Kiischt um Kuch dat Joer war awer de Succès vun der FOLA an der Coupe de Luxembourg : 4-1 huet een an engem Widderhuelongsspill de grousse Coupe-Spezialist, déi Déifferdanger Red Boys geklappt …jee um Emile Mayrisch Stadion hat d'Jugend all Ursaach houfreg op hire Veräin ze sinn a sech e Beispill un den eeleren ze huelen.

D'FOLA huet dann awer erlieft, datt am Sport, grad wéi am dagdeegleche Liewen, Freed a Leed no beienee leie kënnen. Intern Divergenzen hunn eng administrativ a finanziell Kris ausgeléist, déi och Konsequenzen op sportlechem Plang hat : déi éischt Equipe ass an der Saison 57/58 aus der 'division nationale', wéi déi iewescht Spillklass dat Joer fir d'éischte Kéier offiziell geheescht huet, eraus gefall. Déi Situatioun gouf um Staminet, bei Wagenesch Emmel an dem Emmy an der Kanalstrooss, ëmsou méi batter ëmfonnt, well d'Jeunesse, de 'gudden' Noper, nees No 1 am Ländche gi war (an et dräi Joer noenee bleiwe sollt). Mee wann an de

Réimerzäiten d'« roche tarpéienne » net wäit vum Kapitol louch, da war de Géigendeel och wouer. Schonn dat Joer drop ass d'FOLA nees aus der 'promotion d'honneur' opgestigen. Dichteg matgehollef, datt een sou séier aus der verfuerener Situatioun erauskomm war, haten déi zwéi Youngsters, den Ady SCMHIT an de Louis PILOT, déi also mat just 18 Joer an d'Waasser geworf goufen, mee keng Problemer haten, sech fräi ze schwammen…

1959/1960 allerdéngs huet erëm allerhand gestruewelt misse ginn, fir d'Plaz an der Nationaldivisioun ze retten. Dat ass eréischt no engem Barragematch géint Bieles (6-1) geschitt. Deen dezisiven Testmatch, Enn Juni, huet de Louis PILOT (mat 19 Joer, beschte Buteur vun der Nationaldivisioun – 17 Goaler) allerdéngs schonn net méi matgespillt…

De Standard vu Lekk, seng zweet Heemecht.

Dunn huet hien nämlech schonn déi nei Saison preparéiert… zu Lekk beim renomméierte Standard ! Jo, et war op eemol ganz séier gaangen. Ufanks der Saison 1959/60 war de Fransous Pierre Sinibaldi, deen en « amoureux du beau jeu » war, vun der FLF als Nofolger vum Ungar Nandor Lengyel als Nationaltrainer engagéiert ginn. Deen nach jonken Trainer, dee säin Handwierk ë.a. beim Pierre Pibarot am Racing Club de Paris geléiert hat an deem seng ganz Footballphilosophie drop ausgeriicht war, e kollektiv/konstruktiven Offensivfootball ze spillen, hat séier spatz, datt déi zwéin (vun der Morphologie hier ganz ënnerschiddlech) Bouwen aus der FOLA eppes drop hätten. Ady SCHMIT a Louis PILOT, déi virdru schonn zesummen an der FLF-Selektioun vun de sougenannte FIFA-Juniore gespillt haten, goufen trotz hirem jonken Alter an de Nationalkader convoquéiert, fir d'Ausscheedunge vun den Olympesche Spiller 1960 zu Roum ze spillen.

De Louis PILOT war iwwregens déi véier Matcher, aller/retour géint Frankräich (0-1 a 5-3) a géint d'Schwäiz (0-0 an 2-2) all Kéier Titulär an hat och beim 5-3 Erfolleg géint d'Fransousen e Goal geschoss ! Datt d'olympesch Qualifikatioun knapp verfeelt gouf, huet zwar wéi gedon, mee de Louis PILOT konnt sech dach tréischten : duerch déi Campagne ass de Standard op hien opmierksam ginn. Déi Lekker Dirigenten, ë.a. de Roger Petit, de 'Monsieur Standard', waren eigentlech am Abrëll 1960 bei Geleeënheet vum Spill géint Frankräich op Lëtzebuerg komm, fir sech e franséische Spiller – de Richard Tylinski vu St.Etienne – unzekucken. Besser gefall huet hinnen deen Dag awer de Louis PILOT. D'Verhandlungen hu kee Problem gemaach : am September schonn huet dat grousst Talent vun der FOLA bei de 'Rouches' ugefaangen.

Deen Transfert huet engem Mann absëns Leed gedoen : dem Pierre Sinibaldi ! Den Nationaltrainer hat nämlech, net ze lescht wéinst de gudde Resultater an der olympescher Qualifikatioun, eng Offer vum Bréisseler Anderlecht gemaach kritt an hien hätt de Louis PILOT, dee säi 'chouchou' war, am léifste mat dohinner geholl. Zwësche Klamere bemierkt : e puer Joer méi spéit, wéi de Sinibaldi zu Monaco Trainer gouf, hat en dem Signataire verroden, hien hätt ëmmer nach en A op de 'grand Louis'. Mee dee war mat dem Standard 'bestuet' an huet net un eng Scheedung geduecht.

Vun 1960 bis 1972 war de Lou zu Sclessin doheem. An net nëmmen dat. Obschonn hien zu Lekk absolut Klasseleit wéi Piot, Nicolay, Van Moer, Thissen, Semmeling, Galic, Kostedde a.s.v. ronderëm sech hat, huet hie sech mat der Zäit an der

Gonscht vun deene grad esou kriddelege wéi fanatesche Standard Supporteren als absoluten No 1 entwéckelt. Dem exigente Lekker Publikum huet et gefall, datt de Lou sech ni geschount huet, ëmmer 100%-egen Asaz hat. « Dans la vie comme sur le terrain, j'admets difficilement un échec ; je n'aime pas perdre » huet en emol eng Kéier dem bekannte belschen Televisiounsjournalist Roger Laboureur zouginn. Mat esou enger Astellung versteet een och besser, datt de Lëtzebuerger Nationalspiller vu sengen Dirigenten als Kapitän vun der Equipe designéiert gouf, fir déi hien iwwer 500 Matcher gespillt huet. Souvill Veräinsléift kann ee sech haut am Profifootball net méi virstellen. Déi Lekker hunn allerdéngs och an deeër Zäit zu de beschten an der Belsch gehéiert an et war (besonnesch fir e Lëtzebuerger Footballer) schonn eng Eier, an esou enger Equipe ze spillen. Véiermol huet de Louis PILOT mat 'sengem' Standard de belsche Championnat gewonnen, véiermol waren se Finalist vun der belscher Coupe, zweemol hu se déi Coupe gewonnen…

D'Fro bleift ze beäntwerten, firwat e Kärel, dee mam ganzen Häerz um Standard hong, de Veräin 1972 verlooss huet ? Ganz einfach : aus watfir Grënn och ëmmer haten déi Lekker ugefaangen, e puer vun hire gudde Spiller ze transferéieren an domat e Manktëm un Ambitiounen ze verstoe ginn. Dat ass deem éiergäizege Louis PILOT géint de Strëch gaangen. An hien huet sech fir de Schluss vu senger Carrière e Club erausgesicht, dee sech grouss Ziler gesat hat : den FC Antwerp – iwwregens den eelste belsche Veräin, 1880 gegrënnt – mat deem hien, als Kapitän vun der Equipe, dann och zweemol, 1974 a 1975, Vizemeeschte sollt ginn, an 1975 och nach an d'Finale vun der belscher Coupe koum (1-3 géint den Anderlecht)…

De Louis PILOT an de Standard Lekk

Vun 1960 bis 1972: 512 offiziell Matcher

Champion : 1962/1963 – 1968/1969
1969/1970 – 1970/1971

Coupe de Belgique :
1964 : Anderlecht-Standard 3-2 n.V.
1966 : Standard-Malines 3-1
1967 : Standard-Anderlecht 1-0
1971 : Anderlecht-Standard 1-0

Eng aussergewéinlech europäesch Carrière

Wann de Louis PILOT also jorelaang ee vun de regelméisseg-beschte Spiller vum belsche Championnat war, dann hat hien awer och iwwer d'belsch Grenzen eraus eng exzellent Renommée. Ganz Football-Europa hat an de 60-er Joren en hellege Respekt virum grousse Lëtzebuerger Nationalspiller, deen iwwregens 1973 an der europäescher Equipe fir de Galamatch géint England war, nodeems hie schonn 1968 resp. 1970 an enger Selektioun vun der belscher Liga opgestallt war, fir Matcher géint England an Italien. Besonnesch haten him et awer déi europäesch Veräins-kompetiounen ugedoen. Deeër Matcher an der C1 (Coupe d'Europe des Champions),

der C2 (Coupe des vainqueurs de coupe) an der C3 (UEFA-Coupe) huet hien der eleng mam Standard 39 (!) gespillt (an dono, vun 1973 bis 1975, nach véier mat dem Antwerp). Vun deenen 43 europäesche Matcher (déi een ënnendrënner detailléiert noliese kann) sinn der 22 gewonne ginn, 16 verluer a 5 gonge mat engem Gläichspill aus. Zéng Goaler am ganzen huet de Louis PILOT (als Mëttelfeldspiller !) an deenen europäesche Coupe-Matcher geschoss !

Eng Partie hat besonnesch an der europäescher Press Schlagzeile gemaach : an der Saison 1969/70 hat de Standard an den Aachtelfinalle vun der C1 – haut géif ee vun der 'Champions League' schwätzen – zweemol sensationnell géint de grousse Real Madrid gewonnen : den Aller-Match zu Lekk 1-0 an de Retour zu Madrid 3-2 ! An der spuenescher Haaptstad hat de Lëtzebuerger Nationalhoufert iwwregens direkt am Ufank vum Match den éischte Goal markéiert ! Déi Partie ass wuel seng schéinst Erënnerung bliwwen, ëmsou méi hie Kapitän vu senger erfollegräicher Equipe war, déi vum Fransous René Hauss trainéiert gouf, fir deen de Louis PILOT ëmmer en indiskutablen Titulär war (an de Joren 1969/70/71 hat hien 72 Championnatsmatcher noenee gespillt, ouni en eenzegen ze verpassen).

Den Triumph géint de Real Madrid war awer net den eenzegen europäeschen Héichponkt a senger Carrière. Schonn an der Saison 1966/67 koum de Lekker Veräin an der C2 bis an d'Halleffinallen, éier e vun de Bayern vu München gestoppt gouf (déi an der Finale 1-0 géint d'Glasgow Rangers d'Coupe vun de Coupe-Vainqueure gewanne sollten).

Dat Joer drop gouf et an deeër selwechter Kompetitioun, an de Véierelsfinallen, déi memorabel Campagne géint den AC Milan. Den Aller- wéi de Retourmatch waren allebéid 1-1 ausgaangen, an eréischt am Barragematch zu Mailand konnte sech d'Italiéiner 2-0 behaapten (déi iwwregens an deeër Saison d'C2 och gewanne sollten – 2-0 géint Hamburg).

Last but not least, d'Coupe d'Europe des champions an der Saison 1971/72 (déi 12. a lescht vum Louis PILOT zu Lekk) : nodeems de Standard den ZSKA Moskau eliminéiert hat, krut en et an de Véierelsfinallen mat dem Inter, deem anere grousse Club vu Mailand ze dinn : no enger 0-1 Nidderlag an Italien an engem 2-1 Succès zu Lekk huet den Auswäertsgoal (zu Gonschte vum Inter) den Ausstreech ginn !

Ze soen, datt de Louis PILOT an deene groussen europäesche Ausernaner-setzungen ëmmer säi Mann gestallt huet, wier bestëmmt en Euphemismus. Hie war an deene Schluechten dacks de Mëttelponkt, ëm dee sech alles gedréit huet ; hie war d'Réckkräiz, op dat sech seng Kollegen opgestäipt hunn ; hien huet de Kapp…an de Fouss dohinner gehalen, wann et néideg war.

Jee, aus dem scheie FOLAs Junior war am Laf vun de Joren war eng staark Perséinlechkeet entstanen. « Le football m'a (…) aidé à acquérir l'assurance qui me manquait à mes débuts. J'étais assez timide et timoré » huet en eisem schonn ernimmte belschen TV-Kolleg R.Laboureur zouginn…

/ **<u>Dem Louis PILOT seng 43 'europäesch' Matcher</u>** /
/ /
/ **1963/64 : C1** /
/ **Standard-Norrköping 1-0** /

	Norrköping-Standard	2-0
1965/66 : C2		
	Cardiff-Standard	1-2
	Standard-Cardiff	1-0
	Liverpool-Standard	3-1
	Standard-Liverpool	1-2
1966/67 : C2		
	Valur Reykjavik-Standard	1-1
	Standard-Reykjavik	8-1
	Standard-Apollon Limassol	5-1
	Limassol-Standard	0-1
	Chemie Leipzig-Standard	2-1
	Standard-Leipzig	1-0
	Vasas Györ-Standard	2-1
	Standard-Vasas Györ	2-0
	Bayern München-Standard	2-0
	Standard-Bayern	1-3
	(Halleffinallen)	
1967/68 : C2		
	Altay Izmir-Standard	2-3
	Standard-Izmir	0-0
	Standard-Aberdeen	3-0
	Aberdeen-Standard	2-0
	Standard-AC Milan	1-1
	AC Milan-Standard	1-1
	AC Milan-Standard	2-0
	(Véierelsfinallen – Barragematch)	
1969/70 : C1		
	Standard-Tirana	3-0
	Tirana-Standard	1-1
	Standard-Real Madrid	1-0
	Real Madrid-Standard	2-3
	Standard-Leeds	0-1
	Leeds-Standard	1-0
	(Véierelsfinallen)	
1970/71 : C1		
	Rosenborg Trondheim-St.	0-2
	Standard-Rosenborg	5-0
	Standard-Legia Warschau	1-0
	Legia-Standard	2-0
1971/72 : C1		
	Standard-Linfield Belfast	2-0
	Belfast-Standard	2-3
	ZSKA Moskau-Standard	1-0
	Standard-Moskau	2-0
	Inter Mailand-Standard	1-0
	Standard-Inter Mailand	2-1
	(Véierelsfinallen)	
1974/75 : C3		
	Sturm Graz-Antwerp	2-1
	Antwerp-Sturm Graz	1-0
	Ajax Amsterdam-Antwerp	1-0
	Antwerp-Ajax	2-1

Exemplareschen Nationalspiller

Och wann de Louis PILOT mat der Zäit an der Belsch 'incontournable' gi war an a ganz Europa héich respektéiert gouf, hat e keen 'décke' Kapp kritt. Och a besonnesch net, wann en op Lëtzebuerg zréckkoum, fir der Nationaléquipe ze hëllefen. Do goufen et der natierlech méi hannert d'Läffelen, wéi datt gefeiert gouf. Mee just an deene schwéiere Stonnen huet hien ëmmer versicht, de Grupp weider ze motivéieren…

Zwou authentesch Anekdoten charakteriséiere beschtens de Mënsch an den Héichleeschtungsfootballer PILOT. Et war déi Zäit, wou de Gilbert Legrand Nationaltrainer war (1.8.1972 bis den 12.12.1977). Een an deen anere Profispiller wollte vrun engem Lännermatch versichen, dem Coach d'Liewe mat gewësse Revendikatioune sauer ze maachen, gläichzäiteg d'Preparatioun op de Match ze versauen. D'Reaktioun vum PILOT, deen och fir seng Profikollegen am Ausland eng Autoritéit war : « sou net Jongen ! Fir d'éischt spille mer de Match, an dann eréischt kënn Der Fuerderunge stellen….op der richteger Plaz awer, an net beim Trainer, dee mat deene (Primme-) Problemer näischt ze dinn huet »

De Spiller PILOT, deen um Terrain sou villes vu sech verlaangt huet, war (an ass nach ëmmer) am Liewen e 'bon vivant'. En huet ni e gudde Maufel an e gudde Patt stoe gelooss. Och a senger beschter Footballzäit net. Dofir huet en dann awer och um Training dat duebelt an dat dräifacht gemaach. Mir hunn en x-Mol um Nationaltraining erlieft, datt hien um Terrain bliwwen ass, wann de Coach Schluss gemaach a seng Komeroden an d'Dusche geschéckt hat. Dann huet hien nach Ronnen a Ronne gedréit… « Vun näischt kënnt näischt » war hie vu Klengem u geléiert ginn !

Säin Aarbechtsäifer explizéiert wuel och seng laang Carrière. Säin éischten internationale Match war den 11.November 1959 zu Dijon géint Frankräich (0-1) an deeër schon ernimmter olympescher Qualifikatioun fir Roum 1960. Säi leschte war de 26. Mee 1977 an den Ausscheedunge vun der WM géint Finnland (0-1). Am Résumé : de Louis PILOT huet 18 Saisonen Nationaléquipe gespillt ! Hien huet an all deene Joren deeër schlëmmster Momenter erlieft…(Lëtzebuerg-Belsch 0-5 (1967), Holland-Letzebuerg 6-0 zu Rotterdam (1971), Wales-Lëtzebuerg 5-0 zu Swansea (1974), Lëtzebuerg-Belsch B 1-8 (1974), Ungarn-Lëtzebuerg 8-1 zu Szombathely (1975), Finnland-Lëtzebuerg 7-1 zu Helsinki (1976), mee ënnert dem Stréch iwwerweien an den Erënnerungen déi schéi Stonnen…

Ugefaange bei deeër eenzegaarteger Campagne vu September bis Dezember 1963 an der Coupe d'Europe des Nations (wéi d'Europameeschterschaft 1964 deemools nach geheescht huet). De Louis PILOT war an deene fënnef memorable Matcher alleguer derbäi : fir d'éischt wéi Holland sensationnell eliminéiert gouf : 1-1 zu Amsterdam an 2-1 zu Rotterdam – déi zwou Explikatioune war d'FLF, aus finanzielle Grënn, d'accord an Holland spillen ze loossen – an dono, an de Véierelsfinallen, déi dräi Matcher géint Dänemark : beim 3-3 hei zu Lëtzebuerg (wou de Lou iwwregens den 1-0 markéiert hat), beim 2-2 zu Kopenhagen a beim (noutwendegen) Barragematch zu Amsterdam, deen eis Equipe trotz spillerescher Iwwerleeënheet 0-1 verluer hat. Am Fall vun engem (duerchaus méiglechen) Succès an deem drëtte Spill wier Lëtzebuerg fir d' Schlussphase (mat véier Equipen) vun deeër EM qualifizéiert gewiescht !!!

Déi Campagne ënnert der Direktion vum Nationaltrainer Robert Heinz, deem seng offensiv Linieverdeedegung (mat der Praxis vum Abseitsstellen) d'Géigner verzweiwele gedon huet, war natierlech den absoluten Héichponkt an der Carrière vum 'Nationalspiller' Louis PILOT, grad wéi vun all senge Kollegen an deeër onvergiesslecher Period : net nëmme vun deenen anere 'Goalguetter' Pol 'Schnuck' May (beim 1-1 am éischte Match an Holland), Camille Dimmer (Auteur vun deenen zwéi Goaler am zweete Spill géint d'Hollänner), Bitzi Klein (zwéi Goaler beim 3-3 géint Dänemark), Johny Leonard an Ady Schmit (d'Buteure beim 2-2 zu Kopenhagen), mee natierlech och vun all deenen anere Spiller aus der Equipe an dem Grupp : Nico Schmitt, Erny Brenner, Fernand Brosius, Bitzi Konter, Jim Hoffstetter, Jemp Fiedler, Jang Klein, Nicky Hoffmann resp.René Hoffmann, Romain Kies, Jang Vandivinit, Théo Stendebach, Erwin Kuffer, Guy Bernardin, Neggy Schneider a Jang Hemmerling…

Wann d'Matcher géint Holland an Dänemark och déi schéinst vum Louis PILOT senge 50 am ganzen an der Lëtzebuerger Nationaléquipe bleiwen (fir déi hien am Total siwe Goaler markéiert huet), da goufen et dono awer nach aner Partien, un déi hie sech gären erënnert. Besonnesch natierlech – wéi kënnt et anescht sinn, wou hien dach Kapitän vun der Equipe war – un de Succès géint d'Tierkei, 1972 zu Esch op der Grenz an den Eliminatoirë vun der Weltmeeschterschaft '74 (Goaler vu G.Dussier an N.Braun).

Eng speziell Plaz a senge Souveniren hëlt och d'Spill Lëtzebuerg-Jugoslavien, 1965 an de WM-Ausscheedungen an (2-5), aus deem duebele Grond, well hien deen Dag déi zwéi Lëtzebuerger Goaler geschoss hat an de Galic, säi gudde Kolleg vum Standard, dräi vun deene fënnef jugoslavische Goaler…

Net vergiessen kann de Louis PILOT de Frëndschaftsmatch Däitschland-Lëtzebuerg, 1967 zu Oochen, deen eis Equipe um Enn zwar onglécklech 0-2 verluer hat, mee an deem si laang Zäit Beckenbauer, Vogts, Overath, Doerfel, Heynckes, Uwe Seeler a Co dominéiert hat !

An hie schmunzelt, wann een hien op eng Explikatioun uriet, déi déi kleng Lëtzebuerger Militäréquipe 1964 géint déi grouss Arméiselektioun vun den USA gespillt hat. De Match war 8-2 zu Gonschten vu Lëtzebuerg ausgaangen ! Sechs vun deenen aacht Goaler hat de Louis PILOT geschoss…

Den Trainer Louis PILOT

Den éischten August 1978, knapps 15 Méint nodeems hie fir d'lescht den Tricot als Nationalspiller un hat, huet en eng aner Kap ugedoen. Hien huet de Job als Nationaltrainer ugeholl, deen d'FLF – ënnert dem Virsëtz vum fréiere Sports-commissaire René Van den Bulcke – him offréiert hat. Absolut Neiland war d'Traineraarbecht net, well vun 1975 bis 78 war hien dräi Saisone Spiller/Trainer vum Racing Jet zu Bréissel gewiescht…

Mee doheem responsabel ze ginn, fir d'national Selektioun op nei Schinnen ze setzen, dat huet him net nëmme Pleséier gemaach, dat huet säin Houfert gekëddelt. Geschloe sechs Joer laang sollt hie mat enger Passioun sonnergläichen déi Fonktioun op eng ganz nei Aart a Weis beliewen. Ëm alles, wat mat der Nationaléquipe ze dinn hat, huet den neie Coach sech gekëmmert. Esouguer ëm d'Organisatioun vun den Deplacementer. Mee vrun allem gouf d'Preparatioun vun de Lännermatcher vill méi

konsequent duerchgezunn ; regelméisseg goufen Testmatcher géint auslännesch Profiéquipë programméiert an esouguer hat de Louis PILOT et 1980 fäerdeg bruecht, de Comité Central z'iwwerzeegen, d'Bedeelegong un engem Tournoi zu Medan an…Indonesien z'approuvéieren, deen am Fréijor, vum 1.bis de 15.Mee, gespillt gouf ! Mat enger Equipe, an deeër (natierlech) keng Profien aus dem Ausland derbei waren, mat enger reng Lëtzebuerger Amateurselektioun also, ware bei 35 Grad am Schiet, bei 90 Grad Loftfiichtegkeet, an zwou Woche siwe Matcher ze spillen. Moes, Meunier, Zuang, Dresch, Schreiner, Michaux, Di Domenico, Reiter a Co haten trotzdem an den éischten Deeg Géigner wéi Thailand a Südkorea (!) geklappt ! E gudden ale FOLAs Mann, de Johny Paulus, deen deemools als Offiziellen derbei war, kënnt sécher e ganzen Owend vun deeër aussergewéinlecher Tournée verzielen…

Soulaang zesummen ze liewen an ze kämpfen huet der Kohesioun vum Grupp natierlech gutt gedoen. Dat war och néideg fir batter Réckschléi ze verquëssen. Deeër war et schonn een am Hierscht 1979 mat deeër terribler Rafecht ginn, déi d'däitsch B-Equipe eiser Nationaléquipe zu Koblenz verpasst hat (0-9) A genee mat deem selwechte Resultat koum dem Louis PILOT seng Trupp am Dezember 1982 vu London erëm. An den Ausscheedunge vun der EM haten d'Engländer eis Leit (déi no enger Serie vun anstännege Resultater gemengt haten, sou eppes kënnt hinnen net méi passéieren) gelleg niddergewalzt. Deen Owend hu mer den Nationaltrainer gesinn, batter Tréine kräischen.

Hien hat awer heiansdo och Ursaach, héich zefridden ze sinn : wéi z.B. e Joer virdrun, de 5.Dezember 1981, zu Neapel, wou eis Equipe an der WM-Qualifikatioun déi héich favoriséiert Italiéiner (déi e puer Méint drop Weltmeeschter gi sollten) fäerte gedon hat. Just 1-0 war d'squadra Meeschter bliwwen a si war mat deem more Resultat zefridden, well de Roby Langers hat sech eng Kéier eleng virum groussen Dino Zoff presentéiert…

Jee, de Louis PILOT wier wuel nach laang Lëtzebuerger Nationaltrainer bliwwen, och wann hien (mat Recht) net verdroen huet, datt eenzel Membere vum FLF Verwaltungsrot him a seng Saache schwätze wollten a wuel am léifste selwer Sélectionneur gespillt hätten. An och wa verschidde belsch Veräiner, déi natierlech vu senger gudder Aarbecht zu Lëtzebuerg woussten, hie gelackelt hunn, bei si ze kommen. D'Geschicht vu sengem Départ 1984 bleift awer deeër drolegster eng.

Erlaabt dem Signataire vun dëser Chronik am Kontext vum Louis PILOT senger Trennung mat der FLF eng perséinlech Anekdot. Well mir vu sengen Divergenzen mat dem President vun der technescher Kommissioun Henri Frank – dee soss vill Verdéngschter hat – woussten, well mir och woussten, datt d'Belsch dem Lëtzebuerger Nationaltrainer schéin Ae gemaach hunn a well de Standard, säin ale Veräin, wéinst Manipulatiounsaffären am Championnat ganz schlecht dru war, hate mir eis op Radio Lëtzebuerg, Kanal 18, den 1.Abrëll en Abrëllswitz erlaabt, deen aus deenen ernimmte Grënn glaafwierdeg geschéngt huet : « de Louis PILOT gëtt seng Plaz als Nationaltrainer op an iwwerhëlt den Training bei sengem ale Veräin ; e wëllt deen elo an deene schlechten Zäiten net am Stach loossen »…dat war kuerz resuméiert eis 'story' vum 1.Abrëll. Spéit owes krute mer en Telefon vun eisem Kolleg Gast Seil, dee sech 'futti' gelaacht huet, wéi en eis d'Nouvelle sot : « stell Der vir, Däin Abrëllswitz vun de mëtteg ass elo vrun e puer Minutte Wierklechkeet ginn ; de Lou huet sech mat dem Standard arrangéiert ! »

Mir mussen zouginn, mir hunn e puermol geschléckt, a mir waren och den Dag drop schlecht drun, op der Antenne z'explizéieren, datt dat, wat mir eigentlech als Abrëllswitz wollte verkafen, leider traureg Wourecht wier…

Bei de Standard als Trainer zréck ze goen, war sécher net déi glécklechst Dezisioun am Louis PILOT sengem Liewen. Eng hallef Dose Spiller, déi an d'Kombinatioune vun der Equipe am Championnat verwéckelt waren, goufe gespaart ; en hat also keng anstänneg Equipe méi ; de Veräin war a senger Direktioun staark ugeschloen…jee, et ass näischt méi am soss grousse Lekker Club gelaf. No enger Saison huet de Lou dann och desabuséiert d'Handduch geworf.

D'Trainerhandwierk hat him et trotzdeem awer ugedoen. Dofir huet hien och net laang gezéckt, wéi d'Etzella Ettelbreck hien ëm Hëllef gefrot huet. A gutt zwou Saisonen huet hien do de Spaass erëmfonnt a wéi vrun der Saison 1988/89 de groussen, Transfertäerdegen Avenir Beggen him d'Propositioun gemaach huet, seng Equipe mat ville gudden Individualitéiten z'wwerhuelen, dunn huet säin ugebuerene Kompetitiounscharakter erëm Iwwerhand geholl : deen 'Challenge' huet e gereizt. En hätt allerdéngs besser gedon, d'Fangeren dovunner ewech ze loossen. Well matten a senger zweeter Saison zu Beggen, wéi seng Equipe op der zweeter Plaz am Championnat louch an uewendrop Halleffinalist vun der Coupe de Luxembourg war, wéi also d'Chancen op en Doublé net schlecht stongen, krut de Louis PILOT de Stull vrun d'Dier gesat. E puer Joer dono huet den Theo Mersch, de legendäre President vum Avenir, eis eemol verroden : « wann ech jeemools eng Dommheet als President gemaach hunn, da war et déi, datt ech de Louis entlooss hunn, well ech gewëss Intrigen am Veräin géint hien ze spéit erkannt hunn »…

Supporter vun der Nationaléquipe…

Zënter deem Beggener 'coup bas' huet de Louis PILOT sech aus der breeder Footballëffentlechkeet eppes zréck gezunn, wourunner wuel och gesondheetlech Problemer matgespillt hunn. Säin Intressi fir alles, wat mat Football ze dinn huet, ass awer wakreg bliwwen. Sou huet hien säi fréiere Profi-Copain Pol Philipp, mat deem hien der gären zesumme gedréit huet, iwwerriet seng Kandidatur fir d'FLF-Presidentschaft ze stellen. A scho bal paternalistesch suivéiert hien d'Aarbecht vum Guy Hellers mat der Nationaléquipe. De Louis PILOT hat ëmmer e 'faible' fir de « Guychen » , dee säi « beschte Schüler » war, an deen hien als Nationaltrainer 1982 am Alter vu just 18 Joer zur allgemenger Iwwerraschung als Titulär fir de Match géint Griichenland an den EM-Ausscheedungen opgestallt hat. « De Guychen mécht dat schonn » huet en deemools d'Press versicht z'iwwerzeegen…

Datt de Louis PILOT ee vun den iwwerzeegsten 'Affekoten' vum Guy Hellers ass, zënter deen d'Direktioun fir d'éischt vun der Footballschoul an zënter dem 17.Dezember 2004 d'Verantwortung vun der Nationaléquipe iwwerholl huet, verwonnert dofir net. Säi Credo : 't sollt een de « Guychen » roueg viru schaffe loossen, dann hu mer geschwënn nees eng Nationaléquipe, déi Freed mécht, gëtt de Lëtzebuerger 'Monsieur Football' net midd ze soen…

pilo fonck
(31.August 2006)